1-2020-0-?-6346-01 (n°3456)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn vum 10te Mäerz 2021
iwwert d'Reduktioun vun CO2-Emissiounen

Lëtzebuerg, den 10/03/2021

1

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- Den europäeschen Green Deal huet d'Ambitioun bis 2050 klimaneutral ze ginn a bis 2030 d'CO2-Emissiounen ëm 55% ze reduzéieren;
- D'Aviatioun produzéiert 3,8% vun de gesamten EU-Emissiounen, an dobäi eleng 13,8% am Transportwiesen, an dëse Montant riskéiert sech bis 2050 ze verdräifachen (Quell: https://ec.europa.eu/clima/policies/transport/aviation_fr) wann d'Politik net virdrunner reagéiert;
- Et geet net duer, nëmmen op den technologesche Fortschrëtt ze setzen, mee et mussen och gesellschaftlech Efforten am Verzicht gemaach ginn, wéi zum Beispill bei net liewenswichtege Servicer, wéi Kuerzstreckeflich;
- Déi meescht Kuerzstreckeflich kéinten duerch ee moderne Réseau u Schnellzuchverbindungen ersat ginn;
- Zum haitegen Zäitpunkt existéiert tëscht Lëtzebuerg a Paris CDG eng ganz gutt Zuchverbindung mam TGV;
- An Éisträich gouf d'Decisioun geholl, all Fluchstrecken, déi ënnert 3 Stonne Fuerzäit mam Zuch erreechbar sinn, nom Prinzip "Zug statt Flug" z'ersetzen;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. dass de Staat, wou hien Aktionär an engem Verwaltungsrot ass, sech dofir asetzt, dass d'Kuerzstreckeflich am Passagéierverkéier (wéi z.B. LUX-CDG) agestallt ginn, wann eng gutt Zuchverbindung vu manner wéi 3 Stonnen Fuehrzäit existéiert.
2. de Kontakt mat der SNCF ze sichen, fir een Direkt-Check-in vu Flich, déi vu Paris CDG fortfléien, op der Lëtzebuerger Gare z'erméiglechen, nom Prinzip, wéi en haut schonn a Frankräich ugebuede gëtt: https://easycdg.com/tgv-train-paris-cdg-airport-charlesdegaulle

Marc Goergen